Fédération Luxembourgeoise des Pêcheurs Sportifs A.s.b.l.

placée sous le Haut Patronage de S.A.R. le Grand-Duc Jean de Luxembourg
affiliée à la C.I.P.S. et au C.O.S.L.

President
Dan Schleich
48, rue Noertzange
L-3315 Bergem
Tél: 52 28 41

Section de Compétition des Vétérans

Compte:
LU 05 1111 7011 9983 0000 CCPLLULL

Einen, den 29 Januar 2022

Rapport vun der Generalversammlung 2021

Generalversammlung ass dëst Joer den Samschden den 29 Januar 2022 um 09:30 Auer zou Dikrech (Clublokal vum Dikrecher Fëscherveräin) an der Aaler Schwemm ofgehale ginn.

32 Memberen an Netmemberen waren present.

1) Begréissung an Usproch duerch de President ff Dan Schleich

   An senger Usproch huet den Dan Merci gesot dass esou vill Leit un der GV deel huelen. En huet dem Dikrecher Fëscherveräin villmools Merci gesot dass mir déi GV bei hinnen konnten organiséieren. Duerno huet en Appell gemaach un all Memberen ze versichen an Zukunft erëm als Equipe an Kolleegen opzetrieden.

2) Rapport iwwer d'Aktivitéiten vun 2021

   De Marc huet dunn verschidden Leit entschëllegt déi sech ofgemellt haten. De President vun der F.L.P.S. den Jos Scheuer konnt leider net kommen. De Marc huet de Rapport virgelies an eng Broschür ausgedeelt wou déi ganz Aktivitéiten opgelëscht waren.

3) Rapport vun der Kees 2021

   De Rapport vun der Kees huet den Dan virgelies wëll de Keessier verhënnert war. Finanzen sinn gesond

4) Bestätegung duerch Keeserevisoren.

   De Marc huet dunn eng E-Mail vum Steve Schonkert firgelies, den GV gefrot huet fir dem Keesier Entlaaschtung ze ginn. Dëst gouf dunn och vum Lele Panteghini bestätegt. Duerch Applaus krut den Keesier dunn seng Kees gutgeheescht.

5) Den Steve Schonkert an den Lele Panteghini bleiwen wieder an hirem Amt an den Kreins Fränz gëtt 3 Member.

6) Bestätegung vun deenen aktuellen Comitésmemberen an Opnam vun neien Comitésmemberen. Den President huet dem Val Pletgen; Martin Seyler an Marc Retter e klengt Present iwwerreecht an hinne Merci gesot fir hir Déngschter déi se an der Sektioun gelëscht hunn.

7) 6 Memberen hunn sech du gemellt fir an de Comité. Claude Schmitz, Denis André, Marc Brandenburger, Michel Burais, Mett Schmitt an Claude Paulus.
   22 Memberen waren walberechtegt. Walkommissioun gouf zesummegesat: President: Picard Romain, Member: Schmit Angèle an Kiesch Patrick.

Gewielt gouf als President den Dan Schleich mat 17 Stëmmen

Als Comitésmemberen goufen den:

Brandenburger Marc	22 Stëmmen
Burais Michel	21 Stëmmen
Schmitz Claude	19 Stëmmen
André Denis	18 Stëmmen
Schmit Mett	16 Stëmmen
Paulus Claude	14 Stëmmen

De Comité sëtzt sech folgendermoossen zesummen. President: Schleich Dan, Sekretär ?, Kessier: Schertz Raymond, Comitésmemberen: Quintus René, Schmidt Rol, Schmit Nico, Merten Pierrot, Brandenburger Marc, Burais Michel, Schmitz Claude, André Denis an Schmitt Mett.

8) Den Pierrot Merten huet dunn e puer Wuert als Vertrieder vun der F.L.P.S. un Versammlung gericht.

9) Den Marc huet deen neie Programm virgestallt an de Memberen matgedeelt dass den neie Sekretär Ausschreiwung muss maachen an dass do jiddereen sech kann an senger Kategorie umellen.

10) Den Marc Retter an den Dan Schleich hunn Eierung vun deene 3 Eischten vun all Kategorie gemaach. Medaillen goufen gestëft vum Aqua Zoo Pêche.

Masteren	Veteranen
1) Burais Michel	1) Petro Serge
2) Thiel Fernand	2) Telen Ben
3) Dostert Raymond	3) Retter Marc

11) Dunn huet den Marc d'Equippen virgestallt déi 2022 Lëtzebuerg op WM an Ungarn zou Szegedin den 11 – 1 2 Juni vertrieden.

Masteren:	Veteranen
Burais Michel	Retter Marc
Thiel Fernand	Quintus Jeff
Dostert Raymond	Merten Pierrot
Haliniak Marc	Schaeffer Emile
André Denis	Seyler Martin
Paulus Claude / *Trainer*	Pletgen Val / *Trainer*
Schleich Dan / *Capitaine d'Equipe*	Schmidt Rol / *Begleeder*

Als neie President huet den Dan Schleich dunn e Patt offréiert an Versammling ofgeschloss.

Marc RETTER